LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Réponse de Madame Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics aux questions parlementaires N°2520 des honorables députés Yves Cruchten et Mars Di Bartolomeo, N°2547 de l'honorable député Marc Goergen ainsi que la réponse de Madame Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et Ministre de la Défense à la question parlementaire N°2552 des honorables député(e)s Octavie Modert et Emile Eicher.**

Les honorables député(es) s'enquièrent sur l'état de la piste d'atterrissage et de décollage de l'aéroport Luxembourg – Findel.

**Les analyses techniques mentionnées dans la réponse à la question parlementaire n°1127 ont-elles été finalisées depuis, et quelles en sont les conclusions ? Le dommage constaté le 14 juin 2025 est-il lié aux dégradations signalées antérieurement ou s'agit-il d'un nouveau problème ?**

Les analyses techniques réalisées par les experts externes sont essentiellement terminées. Les derniers tests en laboratoire restent en attente mais ne devraient en principe pas contredire les résultats actuels.

Les défauts constatés présentent des degrés de gravité divers, mais ils sont dus à des causes communes survenues pendant les travaux de rénovation. Il ne s'agit pas d'un problème nouveau.

**À quelle date précise les derniers travaux de rénovation de la piste ont-ils été réalisés, selon quelle méthode, et les défauts constatés sont-ils imputables à ces travaux ?**

Les travaux de réfection de la piste ont été réalisés en 2021 et 2022. Par la suite, des travaux de réparation des défauts ont eu lieu en plusieurs phases. Les défauts constatés concernent les travaux effectués durant ces années 2021 et 2022.

**Madame la Ministre peut-elle préciser les responsabilités contractuelles éventuelles des entreprises impliquées dans ces travaux, notamment en cas de malfaçons ou de défauts structurels ?**

Les prestations ont été confiées sous forme de contrat d'entreprise avec obligation de résultat, c'est-à-dire la livraison d'une piste fonctionnelle et exempte de défauts.

**Est-il prévu de procéder à une nouvelle réfection complète de la piste à court ou moyen terme, compte tenu de la récurrence des problèmes observés ?**

Dans le cadre de la réparation des défauts, des mesures complémentaires sont nécessaires. La durée ainsi que l'ampleur de ces dernières sont actuellement évaluées par des experts indépendants.

**Quels sont actuellement les protocoles d'inspection en place pour le contrôle de l'état de la piste, et ont-ils été renforcés depuis les incidents de 2024 ?**

Les intervalles d'inspection ont été considérablement renforcés depuis l'apparition des premiers défauts. Des contrôles réguliers sont effectués pendant la journée, tandis que des examens approfondis ont lieu la nuit, accompagnés de mesures préventives renforcées sur les zones suspectes.

**Quelles ont été les mesures concrètes prises pour faire face à l'incident du 14 juin, tant en matière de gestion technique que d'assistance aux passagers ?**

L'incident du 13 juin 2025 a entraîné des réparations immédiates, suivies dans les semaines suivantes par un programme préventif de réfection, réalisé chaque nuit pendant les périodes de fermeture de la piste, sans impact opérationnel.

En cas de dommage justifié et avéré, les passagers seront en principe indemnisés en conséquence. Le premier interlocuteur reste la compagnie aérienne concernée.

**Madame la Ministre envisage-t-elle de faire appel à une expertise externe indépendante pour évaluer les standards de qualité, de maintenance et de gestion des infrastructures critiques de l'aéroport ?**

lux-Airport a fait appel à plusieurs experts indépendants et compétents pour clarifier la situation.

**Kann d'Ministesch Detailer dozou liwweren, wat genee mat der Landepist net an der Rei ass?**

An eenzele Beräicher huet sech an der Vergaangenheet déi iewescht vun den drënner leienden Asphaltschichten geléist. Heibäi schwätze mir all Kéier vun Asphaltschichten, déi 2021 an 2022 nei opgedroe goufen. Zënterhier ginn op Verdachtsflächen präventiv Sanéierungsaarbechten duerchgefouert an et gouf e staark erhéichten Inspektiounsprogramm mat den domat verbonnene Käschten agefouert.

**Sinn d'Aarbechten gutt gemaach ginn oder hunn d'Baufirmen hei eng schlecht Aarbecht geleescht?**

Dat ass eng Fro, déi am Bedarfsfall vun Drëtten ze klären ass. Op alle Fall entsprécht d'Resultat vun de Sanéierungen um Rollfeld net den Erwaardungen.

**Kann ausgeschloss ginn, dass elo iwwert d'Summervakanzen weider Flich wéinst der defekter Landepist annuléiert ginn? Falls net, wéi eng Alternative si geplangt Ustuerm u Passagéier ze bewältegen?**

lux-Airport huet d'Inspektiounsintervaller zënter dem Optrieden vun de Mängel drastesch erhéicht a féiert laafend detailléiert Ënnersichungen mat Hëllef vu modernste Mëttel duerch. D'Sécherheet vum Fluchverkéier huet déi héchste Prioritéit. Wat d'Sécherheet vun de Passagéier ugeet, si keng Kompromësser méiglech.

**Wäert d'Ministesch och d'Autobunnsopfaahrt zu Steebrécken op d'Stabilitéit iwwerpréifen, vu dass hei déi selwecht Baufirma täteg war, ewéi bei der Renovatioun vun der Landepiste um Findel a fir esou Problemer am Viraus z'evitéieren?**

D'Autobunnsopfaart zu Steebrécken steet betreffend den ausgefouerten Aarbechten a kenger Relatioun zu der Sanéierung vun der Start- an Landepiste.

**Wéini gouf d'Madame Ministesch vun de Bedenke vu lux-Airport a Kenntnis gesat?**

Ech gouf vun lux-Airport nom Incident am August 2024 am Détail iwwert d'Problemer bei der Start- an Landebunn informéiert. D'Handhabung an den Ëmgang mat den opgetruedene Mängel ënnerläit awer lux-Airport als Optraggeber fir déi technesch an déi ausféierend Baufirmen.

**Wat ass d'Ursaach vun deem schlechten Zoustand vun der Piste?**

Dës Fro gouf an den Äntwerten heidriwwer beäntwert.

**Wéi eng Auswierkungen huet eng Piste a schlechtem Zoustand fir den héije Volumen u Flugverkéier, besonnesch an der Summervakanz?**

Am normale Betrieb huet den Zoustand vun der Start- an Landebunn keng Auswierkungen op de Fluchverkéier, besonnesch an der Summervakanz. Präventiv Sanéierungsmoossnamen ginn ouni operativ Beaflossung ausserhalb vun de Betriebszäiten vun der Piste duerchgefouert.

**Wéi eng Auswierkungen huet eng Piste a schlechtem Zoustand fir de Status vum Findel als NATO-Flughafen?**

Bis ewell ginn et keng Auswierkungen op de Status als NATO-Flughafen.

**Ginn et Noutfallpläng, falls d'Piste nees misst stënterlech zou gemaach ginn?**

Déi zwou bis elo néideg Reparaturmoossnamen während dem normalen Betrieb goufen relativ séier a mat engem relativ minimalen Afloss op den Flugverkeier duerchgefouert. All aaner Moossnamen konnten mat genuch Virlaf an ouni operativ Auswierkungen ëmgesat ginn.

**Ginn et Pläng, d'Piste nees ze erneieren?**

D'grondleeënd Sanéierungsmoossnamen vun der Start- an Landebunn – wéi se an den Joeren 2021 an 2022 gemaach goufen – ginn ronn all 30 Joer duerchgefouert. Allerdéngs mussen d'Asphaltsschichten tëschenzäitlech wéinst der intensiver Belaschtung regelméisseg erneiert ginn.

**Falls jo, ginn et Pläng, d'Piste komplett zou ze maachen?**

Et besteet d'Méiglechkeet, d'Start- an Landebunn an engem reduzéierten Ëmfang ze notzen. Soubal d'Sécherheet vum Fluchverkéier an am besonneschen déi vun de Passagéier a Fro gestallt gëtt, gëtt d'Start- an Landebunn direkt zougemaach. Fir daat ze vermeiden, lafen wéi erklärt aktuell intensiv Inspektiounskontrollen an ëmfaassend präventiv Ënnerhaltsmoossnamen.

Luxembourg, le 29 juillet 2025

La Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

(s.) Yuriko Backes